LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de l'Éducation nationale,
de l'Enfance et de la Jeunesse

**Gemeinsam Äntwert vum Minister fir Educatioun, Kanner a Jugend, Claude Meisch, a vun der Ministesch fir Gesondheet a sozial Sécherheet, Martine Deprez, op d'parlamentaresch Fro Nr. 1571 vum honorabelen Deputéierte Marc Goergen**

*Enseignement fondamental*

Déi gesetzlech Bestëmmungen, déi am Artikel 6 vun der *Loi modifiée du 6 février 2009 concernant le personnel de l'enseignement fondamental* festgehale sinn, präziséieren, datt ee Kandidat, fir als Fonctionnaire-Stagiaire zougelooss ze ginn, ënnert anerem eng *„attestation de formation de base en matière de secourisme"* muss virleeën.

An der *Circulaire ministérielle aux administrations communales concernant l'organisation de l'enseignement fondamental pour la rentrée* gëtt all Joer widderholl, datt d'Personal am Enseignement fondamental seng Kenntnisser am Beräich vun der Éischt Hëllef aktuell hale soll.

Entspriechend Formatioune ginn iwwer den Institut de formation de l'Éducation nationale (IFEN) organiséiert. Dës Formatioune ginn den Absolventen am Kader vun der obligatorescher Weiderbildung ugerechent.

*Enseignement secondaire*

Am Enseignement secondaire gëtt éischter op d'Fräiwëllegkeet gesat: Éischt-Hëllef-Coursë ginn hei am Kader vun der Formation continue ugebueden a kënnen an d'Urechnung vun de Stonnen afléissen, déi laut Gesetz musse geleescht ginn.

De Prinzip vun der Fräiwëllegkeet gëllt och fir d'Schüler: De Regierungsprogramm gesäit vir, datt d'Offer vun de Coursë soll staark erweidert ginn: *„L'offre des cours de premiers secours sera élargie sur l'ensemble du territoire, afin de garantir à chaque élève la possibilité d'y participer dans le cadre de cours à option."*

*Kannerbetreiungsstrukturen*

An de Betreiungs- a Bildungsservicer, souwuel vun de jonke Kanner wéi och vun de Schoulkanner, muss zu all Moment vun den Ëffnungszäite mindestens eng Persoun präsent sinn, déi een Éischt-Hëllef-Cours ofgeschloss huet. Dëst entsprécht den Ufuerderunge vun der ITM (*Prescriptions de sécurité et de santé types ITM-SST 1514.3 an ITM-SST 1524.2*, Artikel 14.1.5).

Den Éischt-Hëllef-Cours kann am Kader vun den obligatoresche Weiderbildungen unerkannt ginn. An deem Fall kann d'Formatioun wärend den Aarbechtszäite vum Encadrementspersonal absolvéiert ginn.

Laut Artikel 3(3)7 vum Gesetz iwwer d'Aarbecht vun den Dageselteren (*Loi du 21 juillet 2023 portant modification de la loi du 15 décembre 2017 portant réglementation de l'activité d'assistance parentale*) ass en Éischt-Hëllef-Cours eng vun de Konditiounen, fir en Agrement ausgestallt ze kréien.

Lëtzebuerg, den 20. Januar 2025

De Minister fir Educatioun,
Kanner a Jugend

(s.) Claude MEISCH